



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2025.65388.SECR

Péteng, den 12. Mäerz 2025

Betreff: Är Froe vum 12. Februar 2025

(Den Dossier gött bearbecht vum Elvir Dzogovic - Tel.: 50 12 51 - 3052)

Här Chris Bernard,

An Ärem Breif vum 12. Februar 2025, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Duerch déi sëlleg Stroossechantierë déi Gemeng am Joer 2024 ugaangen si, ass net nëmme Mobilitéit, mee och Flexibilitéit vu villen Autosfuerer negativ beaflosst gi.

Déi wichtegst paralellafend Duerchgangsstroossen ware fir e gewëssenen Zäitraum gläichzäiteg zougemaach gi, respektiv nëmmen an enger Faartrichtung op waren, ass a war een Dilemma aner Organisatioun a Koordinatioun vun de Responsabelen.

Een aneren Inconvenient bei der Gestion vu den Stroossechantierne, sinn d'Installatiounen selwer vu den Chantieren.

Opfalend ass, dat Chantieren op Siten installéiert gi, déi eigentlech fir ëffentlech Organisatioune geholl solle ginn oder als ëffentlech Parkinge fungéieren. Am Fall vum Site Euosider war et eng Surface vun 31 Are fir d'Gestioun vum Stroossechantier blockéiert gi. (Fro un de Schäfferot vum 2. Dezember 2024, ref.: 2024.64359).

Am Fall vun ëffentlech Parkingen, ginn Gemengeresponsabelen hin, a benotzen de Parking op der Lëngerstrooss fir d'Gestioun vun de Stroossechantieren ze garantéieren. Gewosst ass, dat op enger ëffentlecher Plaaz, ass Gemeng responsabel fir dat déi néideg Sécherheetsmoosnamen vun de Firmen agehale gi.

Um Beispill vum Parking op der Lëngerstrooss beim Tennisterrain, ass "installation du chantier" um Parking Moulin Wax gemaach gi. Dobäi ass ze betounen, dat e Groussdeel vum Parking direkt beim Tennisterrain, duerch Circulatiounsgestioun ewech gefall si, zum Aneren nieft dem Parking e Sportsclub, e Café an e Restaurant vun dësem Parking solle profitéieren.

Doduerch entstinn zwou Chantierszonen, déi nieft der Strooss och op enger ëffentlecher Plaz installéiert gött. Sécherheetsmoosnamen sollten an dësem Fall fir Foussgänger an Automobiliste méi adequat ausfale an och garantéiert gi.



An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

1. Ass et dem Schäfferot bewosst, dat duerch dëst Gestiou vum Stroossenchantier et zu Parkplazeverloscht komm ass, an dat Visiteuren a Clienten direkt betraff waren?
2. Goufen déi entspriechend Sécherheetsmoossnamen, betreffend der Signalisatiounen a der Delimitatioun um Parking agehalen, wa jo, wéi eng waren dat?
3. Aus wéi enger Begrënnung ass d'Gestiou vum Chantier net um Site vun de Gemengenatelier op der Lëngerstrooss gemaach gi?
4. Aus wéi enger Begrënnung ginn ëffentlech Parkingen an der Gemeng genotzt fir d'Gestiou vun de Chantieren ze garantéieren?

Mat Respekt,

Chris Bernard
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. Während der Dauer vum Chantier gouf deen Deel vum Parking, deen net fir d'Chantiersinstallatioun gebraucht ginn ass, gratis zur Verfügung gestallt, deemno och fir d'Clienten an d'Visiteure vum Café an de Sportsinstallatiounen. Doriwwer eraus huet zousätzlech d'Méiglechkeet bestane sech an der Strooss ze parken.
2. Wéi d'Sécherheetsbestëmmungen dat virgesinn, war déi viséiert Chantiersinstallatioun mat Barrièren an Herasclôturen ofgeséichert.
3. Zäitweis war eng deementspriechend Installatioun op engem Deel vum Parking vum Gemengesite „An der Léier“ aménagéiert. Do gouf de Kran opgericht dee gebraucht ginn ass fir déi Dalle vum Schacht ze poséieren.
4. Öffentlech Parkinge sinn oft déi eenzeg Plaze wou zur Verfügung sti fir esou Installatioune kënnen ze aménagéieren, déi nun emol während der Dauer vun engem Stroossechantier gebraucht ginn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,